PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
10 JAN. 2020
1684

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/01/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

EUROSTAT no, läit zu Lëtzebuerg den PIB pro Kapp aktuell bei 78 500 Euro. Dëst ass den héchsten Taux an der ganzer europäescher Unioun. Gläichzäiteg läit an deem selwechten Lëtzebuerg den « Taux de risque de pauvreté avant transferts sociaux » bei 29 %. Bei jonke Männer (28,5%) a Fraen (24,4%) tëscht 18 a 24 Joer ass de Risk vun der Aarmut getraff ze ginn iwwerdeems extrem héich.

Och zu Lëtzebuerg maache sech d'Konsequenzen vun der Aarmut lues a lues ëmmer méi bemierkbar. Laut EUROSTAT ginn et och zu Lëtzebuerg Biergerinnen a Bierger, déi et sech aus eegenen Mëttel net méi leeschte kënnen am Wanter ze heizen. Obwuel den Taux zu Lëtzebuerg mat „nëmmen" 2 Prozent, am Verglach mam Recht vun den EU-Memberstaaten, relativ niddreg ass, muss ee konstatéieren, datt dës Fäll hautdesdaags awer leider eng gesellschaftlech Realitéit gi sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Madamm Ministesch, wéi vill Biergerinnen a Bierger sinn zu Lëtzebuerg, opgeschlësselt no Alter, Nationalitéit, Geschlecht an Typ vum Menage vun dësem Problem betraff?

2. Wéi eng Hëllefen stinn de Betraffenen an deem Fall zou?

3. Wéi gesinn d'Prozeduren aus, fir Hëllefen unzefroen? A wéi enge Sproochen stinn déi néideg Dokumentatiounen zur Verfügung?

4. Wéi gedenkt d'Madamm Ministesch zukünfteg d'Aarmut zu Lëtzebuerg Meeschter ze ginn ouni mussen eenzeg an eleng op de Mechanismus vu Sozialtransferten zréckzegräifen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

Luxembourg, le 11 février 2020

Réf. 2020/900

*Dossier suivi par :*
*Dominique Faber*
*Tél : 247 86540*

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
11 FEV. 2020

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

**Concerne :** question parlementaire n° 1684 de Monsieur le Député Sven Clement.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe ma réponse à la question parlementaire n° 1684 de Monsieur le Député Sven Clement en vous priant de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments respectueux.

Le Ministre de la Famille et de l'Intégration,

Corinne CAHEN

**Äntwert vun der Ministesch fir Famill an Integratioun op d'parlamentaresch Fro n°1684 vum Deputéierte Sven Clement iwwert d'Hëtzen am Wanter.**

Wat d'Froen zum Aarmutsrisiko an zur Aarmut zu Lëtzebuerg ugeet, verweisen ech op d'Interpellatioun vum Deputéierte Paul Galles vun en Dënschdeg, dem 4 Februar 2020, an der Chamber.

Doriwwer eraus, hunn ech a mengen Äntwerten op d'Question élargie n° 16 vum Deputéierte Georges Engel an op d'parlamentaresch Fro n° 1153 vum Deputéierte Jeff Engelen déi néideg Informatiounen zu de Froen iwwert d'"précarité énergétique" an d'Hëllefen, déi d'Leit kenne kréien, ginn.

Et sief nach gesot, datt am Joer 2019, déi 30 Offices sociaux, folgend Montanten als Hëllefen u Leit ausbezuelt hunn, déi hier Energiekäschten net selwer konnte bezuelen:

| | Dépenses totales | Nombre total de ménages bénéficiaires | Dont nombre de ménages pour lesquels une femme a fait la demande | Dont nombre de ménages pour lesquels un homme a fait la demande |
|---|---|---|---|---|
| Electricité | 127.519,66 € | 315 | 194 | 121 |
| Gaz/Mazout | 61.830,87 € | 92 | 61 | 31 |

Hei drënner ass d'Opdeelung vun de Stéit déi eng Hëllef kréien, no der Zuel vun de Leit déi am Stot liewen :

| Electricité | |
|---|---|
| Nombre de personnes dans le ménage | Nombre de ménages |
| Non renseigné | 20 |
| 9 | 1 |
| 8 | 4 |
| 7 | 3 |
| 6 | 7 |
| 5 | 18 |
| 4 | 28 |
| 3 | 44 |
| 2 | 50 |
| 1 | 140 |

| Gaz/Mazout | |
|---|---|
| Nombre de personnes dans le ménage | Nombre de ménages |
| Non renseigné | 5 |
| 8 | 3 |
| 7 | 3 |
| 6 | 9 |
| 5 | 10 |
| 4 | 12 |
| 3 | 13 |
| 2 | 11 |
| 1 | 26 |

Leit, déi sech un en Office social adresséiere fir eng Hëllef ze kréien, ginn individuell betreit a kréien all déi Hëllefen, déi fir si a Fro kommen, an Eenzelgespréicher erkläert. Wann eng Persoun keng vun de gängege Sprooche schwätzt, da kann den Office social en Iwwersetzer ufroen, esou datt all Mënsch an de Genoss vun all den Informatioune kënnt.